

Ordre du jour

1. 5612 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à la base électorale
(Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
2. Interpellation de M. Carlo Wagner au sujet de l'évolution future du secteur vitivinicole
(Discussion générale - Motion - Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden et Claude Wiseler, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Mir kommen dann direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten, dat ass de Projet 5612 iwwert d'Chambres professionnelles. Ech ginn direkt dem Rapporteur d'Wuert, dem honorabelen Här Paul-Henri Meyers.

1. 5612 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à la base électorale

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5612 huet als Zil fir d'Gesetz vum 4. Abrëll 1924 iwwert d'Berufschamberen ofzeänneren. Allerdéngs ass et keng ganz wäit Reform. Si betrëfft nëmmen d'Berufschamber vun de Statsbeamten. Et ginn och nëmmen e puer technesch Problemer geléist, déi sech bei deene leschte Wahlen vum März 2005 gestallt hunn. Souwuel de Conseil d'État wéi och d'Berufschamber selwer si mat deenen Ännerungen d'accord. De Conseil d'État huet allerdéngs e puer kritisches Bemierkunge gemaach, déi awer zum Deel net der juristescher Realitéit entsprechen.

Ech wëll kuerz op déi Texter agoen. Eng éischt Ännerung betrëfft den Artikel 43bis-2. An deem jëtzege Artikel ass virgesinn, dass ee Fichier permanent vun dem zoustännegen Minister vun der Fonction publique misst opgestallt ginn. An deem Saz gëtt den Ausdrock „permanent“ aus zwou Ursaache gestrach: well et éischters opwänneg wär, fir esou ee Fichier permanent ze etabléieren, an zweetens well d'Lëschtten op den 31. Oktober vun deem Joer virun de Wahlen definitiv opgestallt ginn. Et ass also deen Datum, dee wichteg ass, an net de Fichier permanent. Den Term „permanent“ kann hei zu juristesche Schwierigkeete féieren, an huet et och an der Vergaangenheet gemaach, esou dass d'Regierung proposéiert huet deen Ausdrock ze sträichen.

De Conseil d'État huet awer gemengt, et misst een den „permanent“ eventuell bäibehalen, well et awer kéint zu virgezunnene Wahlen oder zu Deelwahlen kommen. A justement do läit de Conseil d'État net richtig, well d'Gesetz iwwert d'Chambres professionnelles gesäit am Artikel 21, Alinea 2 vir, dass et keng esou Deelwahlen oder virgezunne Wahlen gëtt, well bei de Berufschambere ginn et Effektiv-Memberen a Membres suppléants. Wann ee Poste vacant gëtt, da gëtt dee vum Suppléant ageholl. Et ginn also keng nei Wahlen gemaach. Also ass déi Remarque och an den Ae vun der Kommissioun juristesches net ganz richtig. D'Kommissioun war och der Meenung, dass een op de Wee vun der Regierung goe soll an den Ausdrock „permanent“ sträiche soll.

Eng zweet Ännerung betrëfft deeselwechten Artikel, den Alinea 4, wou de Geburtsdatum duerch d'Matricule nationale ersat gëtt, déi nach méi prezis ass wéi de Ge-

buertsdatum, a well och d'Matricule nationale bei allen administrativen Donnéeën gebraucht gëtt.

Eng drëtt Ännerung gesäit vir, wat de Recours ugeet géint d'Wahlleschten - listes des électeurs -, dass och ee Vertrieeder, deen d'Regierung kann nennen, esou e Recours ka maachen. Dat war bis elo net méiglech. Wann d'Lëscht definitiv arréitéiert ass an et gesäit een, dass eventuell nach eng Ännerung misst gemaach ginn, da kann déi nëmme gemaach ginn opgrond vun engem Recours, dee beim Fridensriichter gemaach gëtt. Wann d'Regierung dat géif feststellen, da muss d'Regierung och d'Méiglechkeet hunn esou e Recours ze maachen. Dofir ass och virgesinn, dass d'Regierung eng Persoun kann designéieren, déi dee Moment, niewent allen anere Leit, déi déi Recoursméiglechkeet hunn, och dee Recours kéint virhuelen.

D'Recoursë kënnen da gemaach gi bis den 21. Dezember vun deem Joer iert d'Wahlen stattfannen. Ech hu gesot, dass d'Wahlleschten Enn Oktober definitiv etabléiert sinn. Wa Reklamatiounen do sinn, kënnen déi gemaach gi bis den 21. Dezember, an de Fridensriichter misst dann an enger kuerzer Zäit seng Décisioun huelen. Déi fällt dann awer, oder ass an der Vergaangenheet an d'Chrëschtvakanz gefall. Mat deene Feierdeeg waren dat Schwierigkeeten. Den Délai, wou de Riichter ka seng Décisioun huelen, gëtt da verlängert bis op den 10. Januar vun deem Joer duerno.

Eng lescht Ännerung betrëfft eng Kategorie vu Wieler oder Gewielten. Dir wësst, dass déi Statsbeamtekummer opgedeelt ass no verschiddene Kategorië vu Leit, déi gewielt gi kënnen. An do gëtt et eng Kategorie, déi sech Schoulmeeschteren oder „Catégories d'instituteurs“ nennt, an eng zweet, déi vun de Volontairë vun der Arméi. Or, an deene leschte Jore sinn niewent de Schoulmeeschteren nach derbäikomm: d'Maîtres de cours pratiques an d'Maîtres de cours spéciaux.

Well awer den Ausdrock „instituteurs“ do steet, gëtt dee geännert. Dee soll an Zukunft esou sinn: „les autres catégories de fonctionnaires de la carrière moyenne de l'Enseignement“. Domat sinn dann och d'Maîtres de cours pratiques an d'Maîtres de cours spéciaux mat abegraff. Ausser de Volontairë vun der Arméi hu mer och Volontairë bei der Police. Déi kommen hei am Text derbäi, esou dass déi an Zukunft och mat kënnen wile goen an an där Kategorie vu Wieler mat abegraff sinn.

Voilà! Dir Dammen an Dir Hären, dat si kuerz gesot déi Ännerungen, déi hei virgesi sinn. D'Kommissioun huet sech eestëmmeg fir déi, wéi ech gesot hunn, méi technesch Ännerungen ausgesprach. Ech géif och d'Chamber bidden der Kommissioun ze follegen an dee Projet hei esou ze stëmmen, wéi mer e proposéiert hunn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Ech wollt froen, ob een den Ausféierung vum Rapporteur eppes zouzefügen huet?

(Négation)

Wann dat net de Fall ass an d'Regierung och mat all deem d'accord ass, wat den Här Meyers eis hei ausféierlech rapportéiert huet, da géif ech lech proposéieren, fir zum Vote vun dësem Projet ze kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentoun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Norbert Hauptert), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes (par Mme Martine Stein-Mergen), François Maroldt (par Mme Christine Doerner), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt), Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Lucien Weiler), Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel (par M. Fernand Diederich), Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. John Castegnaro), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Jos Scheuer), Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);

M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, MM. Charles Goerens (par Mme Anne Brasseur), Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Ech géing dem Här Oberweis Folgendes proposéieren: Ech wollt d'Motioun, déi hie gëschter abruecht huet, elo de Moment zur Diskussioun stellen. Ënnert den Ëmstänn, wéi se sinn, géing ech awer proposéieren, dat mer dee Vote géingen op muer reportéieren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Interpellatioun vum Här Carlo Wagner iwwert d'Entwécklung vum Secteur viti-vinicole. Den Här Wagner huet d'Wuert.

2. Interpellation de M. Carlo Wagner au sujet de l'évolution future du secteur vitivinicole

M. Carlo Wagner (DP), interpellateur.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, den 22. Juni d'lescht Joer huet d'EU-Kommissioun dem Europaparlament an dem zoustännegen Conseil des Ministres eng Proposition fir eng déif gräifend Reform vum europäesche Waimarché zoukomme gelooss. An dësem Pabeier, deen nach kee legislative Charakter huet, mécht d'Kommissioun eng Rei Virschléi, wéi den europäesche Marché an Zukunft sollt geregelt sinn.

Vill vun dëse Propositionen hu fir Beonrouegung a Veronsécherung bei de Betrafenen am Wäbausector gesuergt. An d'Reaktiounen op hir Virschléi hunn déi zoustänneg Kommissärin, eegenen Aussoen no, esou iwwerrascht, dass se den ursprünglechen Zäitplang, deen se sech gesat hat, net méi an hale kann.

Ursprünglech war nämlech virgesinn, dass dës Reform bis Enn 2006 sollt stoen. Elo gesäit et éischer duerno aus, wéi wann d'Reform fréistens am spéide Fréijoer vun dësem Joer oder souguer nach méi spët kënnt ofgeschloss ginn.

Dat vun der Kommissioun formuléiert Zil soll doranner bestoen, eng nei Dynamik an den

europäesche Wäisector eranzebréngen. Eiser Meenung no ass awer mam Pabeier, esou wéi e vun der Kommissioun virgeluecht ginn ass, keng dynamesch Politik fir dëse Beräich méiglech.

An hire Propositionen vum 22. Juni 2006 schreift d'Kommissioun, dass den Iwwerschoss an der Wäbauproduktioun sech op ronn 15 Milliounen Hektoliter géif belafen, wat 8,4% vun der jährecher Produktioun ausmécht. Der Kommissioun no handelt et sech bei dësem Iwwerschoss ëm e strukturelle Problem.

Mir an der DP sinn awer der Meenung, datt d'Grondanalys, vun där d'Kommissioun ausgeet, falsch ass. Den europäesche Waimarché ass net mat engem strukturellen Iwwerschoss konfrontéiert, mä - menge mir - mat engem konjunkturellen.

D'Zuelen, op déi d'Kommissioun sech berëfft, fir hir Argumenter ze beleeden, sinn déi vum Joer 2004. Et muss een wëssen, dass 2004 en aussergewöhnlech gutt Joer fir de Wäibau war, an dass an deem Joer wierklech Rekordresultater konnten erziilt ginn.

Welleche Schwankungen dës Zuelen ënnerleien, léisst sech ganz einfach mat den Zuele beleeden. Goufe beispillsweis 2004 nach ronn 156.000 Hektoliter op der Musel gelies, esou waren et der 2005 nëmmen nach 138.000. D'Lies 2006 ass mat ongeféier ronn 125.000 Hektoliter allerdéngs bei enger gläich gudder Qualitéit 20% méi kleng ausgefall wéi beispillsweis am Referenzjoer 2004. D'Moyenne vun deene leschten zéng Joer läit bei ronn 135.000 Hektoliter, also 13% ënnert dem Ertrag vun 2004.

Jiddereen heibanne weess, dass de Wäibau extrem vum Wieder ofhänkt. En Iwwerschoss vun zéng bis 20 Milliounen Hektoliter an der Union européenne sollt een éischer, menge mir, als eng Marge de manœuvre, fir méi schlecht Joren iwwerbrécken ze kënnen, ugesinn, an net als e strukturellen an dauerhafte Problem ugesinn.

An deene leschte 15 Joer sinn an der Union européenne ronn 1 1/2 Milliounen ha Wengerte verschwonnen. Vu ronn 4 1/2 Milliounen existéieren der haut nach just ronn 3 Milliounen. Weltwäit gesinn ass d'Fläch vun de Wéngerten awer net zrëckgaangen. An anere Wieder: All Hektar, deen an der Union européenne mat Subventiounen vun der Unioun européenne verschwonnen ass, gouf an engem anere Land, wéi zum Beispill an Argentinien, Chile, Australien oder anerer, nees nei ugeplant.

Et ass also net zu engem Réckgang vun der weltwäiter Wäiproduktioun komm, just den Undeel vun den europäesche Wäiner um Weltmarkt ass vill méi kleng ginn.

D'Kommissioun proposéiert am Kader vun hire Reformvirschléi den Arrachage vu weidere 400.000 ha iwwert déi nächst fënnef Joer. Dofir solle ronn 2,4 Milliarden Euro zur Verfügung gestallt ginn.

Ofgesinn dovunner, dass ee mat dësen Zuelen op eng Prime vu just 6.000 Euro den Hektar géing kommen, wat net immens vill ass, mécht den Arrachage an eisen Aen absolut kee Sënn.

An dofir gëtt et nieft der Tatsaach, dass op déi Manéier keng weltwäit Reduktioun vun der Wäiproduktioun ze errechen ass, eng Rei vu Grënn, op déi ech elo méi detailléiert wëllt agoen.

Parallèll zu dësem Arrachage soll nämlech 2013 de Verbuet, nei Wéngerten unzeplanzen, opgehuewe ginn. Dat géing bedeuten, dass also an der éischer Phas 400.000 ha géinge verschwannen, déi dann duerno nees dierften nei ugeplant ginn. Ech brauch lech jo wuel net extra hei ze betounen, dass hei e grouse Widdersproch am Rasonnement vun der Kommissioun läit!

Souwäit ech weess, huet och keent vun deene betraffene Länner sech fir déi vun der Kommissioun proposéierte Mesure ausgeschat. Au contraire! Nieft deenen héije Käschten, déi domadder verbonne sinn, spillt virun allem mat, dass et doduerch zu engem massiven Agrëff a bestehend Wäilandschafte géing kommen.

Fir nëmmen ee Beispill ze nennen: Fir d'Wachau, e Wäibaugebitt an Eisträich, dat viru kuerzem eréischt zum Patrimoine culturel